N°3393
Entrée le 06.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.01.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill, Solidaritéit an Integratioun & Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

A verschiddene Pfleege- a Seniorenheemer zu Lëtzebuerg mussen eeler Leit a hir Familljen héich Virausbezuelungen a Form vu Souscriptiouns-, Garantie- oder Reservéierungsrechter bezuelen, nach éier si iwwerhaapt an engem Altersheem ugeholl ginn.

Et handelt sech dobäi ëm Montante vun e puer dausend Euro. Besonnesch problematesch ass, dass dës Zommen zum Deel nëmme minimal oder guer net zeréckbezuelt ginn, och wa keng Leeschtung bruecht gouf. An engem Beispill, wat mer virleit, muss eng Persoun iwwert 8000€ am Viraus bezuelen a géif am Fall wou se net geet tëschent guer näischt an 3000€ erëmkréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass d'Praxis gereegelt, no där Pfleege- a Seniorenheemer héich Souscriptiouns- oder Garantiegebühren erhiewen dierfen, fir eng Opnam bannent enger bestëmmter Frist oder eng Reservatioun ze garantéieren?

2. Wéi eng Garantien hunn d'Leit hei am Hibléck op Verbraucherschutz souwéi am Kader vum Gesetz vum 23 August 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées?

3. Wéi gëtt deene Leit gehollef, déi keng finanziell Mëttel hunn, fir dës Reservéierungskäschten am Viraus ze bezuelen (zum Beispill iwwert de Fonds National de Solidarité)?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

4. Fënnt d’Regierung et gerecht, datt d'Leit héich Virausbezuelunge leeschte mussen, och wann d'Leeschtungen net genotzt goufen? Wäert hei eppes geännert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés